Rotary
RC Bascharage Kordall
2016 -2017

Find us on Facebook

Président : Werner Weynand Werner.weynand@lu.ey.com	Secrétaire : Marc Weyer rcbascharagekordall@gmail.com	Trésorier : Philippe Bermes philippe@europrom.lu	Protocole : Gilles Schwirtz gschwirtz@evertz-group.com

« nos nouvelles » | Réunion du 7.12. 2016 | N° 16-24

Eis President begréisst de Marc Bamberg an de jonken Max Mahnké, beid Gäst vum Fernand Zeutzius, an de Marco Schlesser vum RC Hawaï, e Gaascht vum Gilles Schwirtz.

De Werner weist nach eemol drop hin, datt mir fir den 12. Dezember op d'„Vorweihnachtsfeier" beim RC Trier Porta invitéiert sin. Den 15.12. hu mer eis Assemblée Générale mat Walen, jiddereen den net komme kann, soll engem Kolleg séng Prokuratioun matgin. Déi Honnertjoër vun der Fondatioun maache mir op mat engem Concert am Conservatoire den 20. Januar, de Benefiss bleiwt ganz zu Lëtzebuerg.

De Marco Schlesser ass 1997 op Hawaï ausgewandert, do ass hin dem lokalen RC bäigetrueden an ass dëst Joer President vu sengem Club. De Werner huet him eise Fanion mat op d'Rees an séng Wahlhemecht gin

De Romain Glodt huet am Numm vun de „Päerds-an Trakterfrënn"e grousse Merci fir de gelongenen Owend vum 1.12. ausgedreckt an och am Numm vum Kannertelefon fir déi perfekt geroden Affiche-Aktioun op de Bussen vun der Firma Sales Lentz.

Duerno Huet Nicolas Henkes eis en iwweraus intressante Viirtrag iwwer de Jeremy Rifkin a seng Iddien fir déi drëtt industriell Revolutioun hei zu Lëtzebuerg gin. Seng Wieder kënn dir am bäigesaten PDF nach eng Kéier noliesen.